



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (nom Artikel 84 vum Chamberreglement) un den Här Minister fir bannenzecht Sécherheet an d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

An der Nuecht vum 16. op de 17. Mäerz ass et zu zwee schwéieren Tëscheffäll am Zesummenhank mat der Eisebunn komm, een zu Éiter, wou zwee Mataarbechter vun den CFL brutal zesumme geschloe goufen, an en zweeten, wou en Zuch e Metallstéck op de Schinnen ze pake krut wat eng potentiell grouss Gefor duergestallt huet.

An dem Zesummenhank wéilt ech dem Här Minister an der Madamm Minister dës Fro stellen:

1. Wéi séier waren d'Interventiouns- an d'Hëllefsgéngschter op deenen zwou Plazen? Wéivill Leit hätt d'Police a wéi engem Zäitraum zur Verfügung gehat, wann déi éischt Beamten op der Plaz dee Grupp vun zéng verdächtige Persounen nach begéint hätten?
2. Wéini gëtt eng Täterbeschreiwung publizéiert, fir datt d'Leit kënnen bei der Sich no deene verdächtige Persoune mathëllefen? Firwat ass bis haut, Méindeg, nach keng Täterbeschreiwung publizéiert ginn? Krut d'Police Instruktiounen, fir keng Täterbeschreibungen ze publizéieren?
3. Gëtt et Kameraen op de Garen a laanscht d'Eisebunnsstrecke fir d'Sécherheet vun de Leit an den Infrastrukturen ze verbessern? Wann net, ass dru geduecht, fir esou Kameraen ze installéieren?
4. Wéi eng Moosname wëll d'Regierung huelen, fir d'Sécherheet op de Garen, an den Zich an op den Eisebunnsstrecke kuerzfristeg ze verbessern?

5. E Kommunikéer vun enger Gewerkschaft fuerdert, datt d'Politik sech verstärkt ëm den Thema „Gewalt“ am ëffentlechen Transport këmmert. Wéi dacks hunn d'Sécherheetskraefte an de leschte fënnf Joer wéinst physischer Gewalt oder Stéierung vun der Rou am ëffentlechen Transport mussen agräifen, wéi dacks déi privat Sécherheetskraefte, déi d'CFL engagéiert huet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten